AKADEMISCHER VEREIN D' LETZEBUERGER
seit 1897 2, avenue de l'université L-4365 Esch-Sur-Alzette A.s.b.l.

Léif AVL'erinnen, Léif AVL'er

D'Summersemester 2026 steet virun der Dier a gëtt de Startschoss fir déi nächst Saison vun AVL Eventer. Wat fir Eventer genau, a wéini dir iech drop freeë kënnt, gitt dir an dësem Communiqué gewuer. Wann dir also näischt verpasse wëllt, liest iech dëst Dokument genau duerch! Mir freeën eis schonn iech op de verschiddene Veranstaltungen ze gesinn!

Wéi och schonn déi lescht Joren ass **all Méinden eise Lëtzebuerger Owend** am **Kaktus**. Dës Chouerprouwe starten um **20h**, ënnert der **Direktioun vum Ben Graas**. OPGEPASST zu verschiddenen Uläss, z. B. virun der Ponttorfeier wäerten d'Prouwe vum Kaktus an een anere **Sall** verluecht ginn, soudass ee sech an enger méi seriöer Atmosphär virbereede kann. Nach ëmmer gëllt an de Prouwen d'Motto **„Léiwer haart, wéi richteg"**, also traut iech a kommt bis laanscht. Wann dir zu all Moment iwwert d'Chouerprouwen um aktuellste Stand bleiwe wëllt, kënnt dir gären eiser WhatsApp-Grupp bäitrieden.

Natierlech ass dem AVL och déi sportlech Säit um Studenteliewe wichteg, woufir och an dësem Semester nees **Volley-, Basket- a Fussballtrainingen** ugebuede ginn. Ufanks fannen dës Trainingen nach zu Kelmis an den Hale statt, soubal d'Wieder awer besser gëtt ginn d'Trainingen no bausse verluecht. Och hei ginn et fir déi eenzel Sportaarte WhatsApp-Gruppen, wou all d'Infoen zu den Trainingen an der Location matgedeelt ginn.

Mir fänken eis eventvoll Saison schonn **dënschdes, de 7. Abrëll** u mam **Student fir 1 Dag**. Gestart gëtt wéi ëmmer mat enger Virstellung vun der RWTH, uschléissend stellt sech dann och nach d'FH vir. Ëm d'Mëttesstonn gi mir da mat de Kiddies an **d'Vielharmonie** iessen an duerno geet et weider mat enger **City-/Campustour**, wou mir de Schüler:innen eis schéi Studiestad weisen. Leider muss de Bus dës Joer méi frei lassfueren, soudass de Patt am Kaktus ausfält an d'Schüler:innen dofir Fräizäit kréie fir selwer duerch Oochen ze goen.

**Mëttwochs, de 15. Abrëll** geet et weider mat eiser **AVL-Wanderung**. Wéi all Joer treffe mir eis um Katschhof fir **13:00**. Nodeems all Member de Rucksak gefëllt krut, soudass keen um Wee erdiischtert, geet et lass a Richtung Dräilännereck. Leider ass dës Aktivitéit wiederofhängeg, soudass et zu méigleche Verrécklunge ka kommen.

Weider geet et mam **Tournoi de l'Ambassadeur**, deen iwwert de Weekend vum **24.-26. Abrëll** zu Léck stattfënnt. **Freides** start dëst Event mat engem **Wëllkommpatt** vun de Lécker am Take Off . Mee den Tournoi am Numm bezitt sech natierlech och op de Fussball. Dës Matcher fanne **samschdes, de 25.** statt, wou Ekippe vun all Cercle géinteneen untrieden. No deem méi oder manner sportleche Match geet et da weider mat der Kréinung vum Roi a vun der Reine Nationale. Fir dann den Dag nach gutt ofkléngen ze loossen, geet et weider mat enger Afterparty am Carré. Wann dir Deel vun enger AVL-Ekipp wëllt sinn, da mellt iech bei eisem Sportminister **Max Wirth (max.wirth@avl.lu oder iwwert Social-Media)**. Och als Net-Fussballspiller sidd dir wëllkomm! Mir ziele rëm op eis **AVL-ULTRAS** fir de ganze Bums unzefeieren.

**Dënschdeg, de 5. Mee** geet et da mam allzäit beléifte **Belscht Béierfest** weider. Dëst Event fënnt wéi all Joer op der **Grillplaz Goertzbrunnstraße** statt, wou mir eis treffe fir bei guddem Wieder vun engem Sortiment u belschem Béier ze profitéieren. Nieft dem Gedrénks ass och fir Iesse gesuergt, soudass dir gestäerkt eng Ronn Flunkyball an/oder eng Partie Beerpong spille kënnt. Natierlech si mir och dëst Joer net eleng fir ze feieren, mee eis Kolleeg:inne vum LSC a LËSTLÉ sinn häerzlech agelueden deen een oder anere Patt mat eis ze drénken.  Vu, dass dës Plaz bësse méi ausserhalb vun Ooche läit, empfeele mir iech de Bus ze huelen. Och dëst Event ass een Open-Air, dowéinst kann et zu Verrécklunge wéinst dem Wieder kommen, wat mir awer net hoffen.

Dëst Joer probéiere mir dann och nees mat enger Ekipp um **Landjugenddag**, **donneschdes, de 14. Mee**, matzemaachen. Dëst Event ass eng Aart Rallye, wou ee verschidde Statioune bewältege muss. Fir ze gesinn op mir genuch Leit fanne fir eng AVL-Ekipp opzestellen, biede mir iech de follgende Forms auszefëllen:
https://docs.google.com/forms/d/e/1FAIpQLSf_mu75XGAhvVq_JlMPOZookcIG4YWxP9v02s67nPOoNnHUSQ/viewform?usp=header

Weider geet et dann direkt 2 Deeg dono mam **ING Marathon**, **samschdes, de 16. Mee**, wou den AVL och rëm vertrueden ass. Wéi scho vun de leschte Jore gewinnt, deele mir eis de Stand mat eise Kolleeg:inne vun der Oochener Virstad, dem LSC. Et gëtt also kee Grond, net fir ee Patt laanscht ze kommen. Natierlech hu mir awer och dëst Joer ee Ravistand fir d'Sportler:innen a **freeën eis op all Hëllef, déi mir hei vun eise Membere** kréie kënnen, fir dass alles gutt iwwert Bün geet.

**Mëttwochs, den 20. Mee**, fënnt déi 2. Editioun vum **AVL Beachtournoi a Cocktailparty** statt.  Wéi och d'lescht Joer gëtt op de Beachterrainen vum AVE um **Laurensberg** gespillt.  Fir d'Iessen an eng Cocktailbar ass och gesuergt, soudass eis Spiller:innen an Zuschauer de ganzen Dag gutt gestäerkt sinn. Och hei handelt et sech nees ëm een Open-Air Event, soudass et wéinst dem Wieder zu enger Verrécklung kéint kommen, wat iech awer mat Zäite matgedeelt gëtt.

Als nächst um Programm steet den **21. Mee um 18:00** eng Presentatioun an een Iesse mam **Drees a Sommer** am White House. Jiddereen ass wëllkomm fir dovun ze profitéiere mat eisem Sponsor kënnen ze schwätzen an natierlech och fir vum Iessen a Gedrénks ze profitéieren.

Vum **25. bis den 30. Mee** fënnt eis järlech **Kulturrees** statt, dëst Joer geet et op **Valencia**, der 3. gréisster Stad a Spuenien. Duerch d'Organisatioun vun eisem Kulturminister wäerte mir déi wonnerschéi Stad iwwert déi 5 Deeg besser kenneléieren. De Geescht gëtt ënner anerem duerch Muséesbesichtegungen an Touren duerch d'Alstad gestäerkt, mee och déi kulinaresch Säit gëtt mat Tapas an Agua de Valencia net vernoléissegt.

Och dëst Joer si mir rëm beim **Beachvolleyballtournoi vum LSK** dobäi, deen de **5.-6. Juni** stattfënnt. Dir musst iech och keng Suerge maachen ëm ären Skill-Level, falls dir wéilt matmaachen, deen ass irrelevant. Mir wäerte wéi all Joer nees puer Ekippen opstellen, soudass jiddereen eng fair Chance kritt bei dësem Event matzemaachen. Mee och Supporter kënnen dobäi sinn an eis Ekippen als AVL-Ultras ufeieren. Fir Gedrénks an Iessen ass wärend de Matcher gesuergt. Nom Tournoi gëtt op der Campingsplaz am Bësch weidergegrillt domat ee sech rëm fir de Rescht vum Owend mat Energie opfëllt, fir sech dann nach eng Kéier richteg kënne vollzetanken!

Weider geet et da mam nächste Sportevent, **mëttwochs, den 10. Juni,** wou den **RWTH Sportsday** soll stattfannen. Falls dëst Event trotz de Bauaarbechte wéi gewinnt stattfënnt, probéiere mir wéi ëmmer **eng Fussballs- an eng Basketsekipp** unzemellen, woubäi mir eis natierlech och ëmmer freeë wa Membere bei anere Sportaarten den AVL vertrieden. Dëst Event ass awer net nëmme fir eis Sportler:innen, mee och eis trei AVL-Supporter, soudass wéi all Joer fir eng gutt Stëmmung gesuergt ass. Dir kënnt awer och vun enger Villfalt vu Schnuppercoursë profitéieren, déi iech verschidde Sportaarte probéiere méi no ze bréngen. Deen Dag ass och (zumindest fir d'RWTH) keng Uni also musst dir net schwänze fir dobäi kënnen ze sinn.

Den **12. an 13. Juni** geet et sportlech weider mam traditionelle **Staffellaf**. Dëse geet wéi gewinnt vun Ooche bis op Lëtzebuerg bei eise President. Déi éischt Etapp verleeft vun Ooche bis viraussiichtlech an d'Géigend vu **Géisdref**. Owes gi mir dann och zesummen Iessen, wou all Leefer invitéiert ass (egal ob een den éischten oder zweeten Dag leeft). Mir probéieren och, falls néideg, eng Schlofméiglechkeet ze organiséieren, Infoen dozou an och zum Iesse kommen och hei no. No enger erhuelsamer Nuecht geet et da **weider bis an d'Gemeng Diddeleng,** wou mir mat engem **Éierewäin** begréisst ginn, och hei ass all AVL'er häerzlech wëllkomm! Wann dir Loscht hutt Deel vun dëser Traditioun ze sinn, kommt **méindes, den 18. Mee** an de Kaktus op **d'Staffellafversammlung**, wou Streckenofschnëtter verdeelt ginn. All Ofschnëtt gëtt ënnert de Leefer ënnerdeelt, wou dir also selwer entscheede kënnt wéi vill Kilometer dir lafe wëllt.

Fir de **16. Juni** goufe mir vun eise Kolleeg:inne vum LSC op hiert **Summerfest** agelueden. Hei treffe mir eis zu Köln am Volksgarten fir am gudde Wieder vun engem All-You-Can-Drink ze profitéieren. Fir Entertainment wäert natierlech och gesuergt sinn, ënner anerem mat Spikeball oder Flunkyball.

No dëser sportlecher Zäit, déi gehollef huet dass jiddereen nees a säi Kostüm passt, fënnt **donneschdes, den 18. Juni** dann eist wichtegst a gréisst Event, **d'Ponttorfeier**, statt. Dëst Joer dann och mat engem Tapéitewiessel. D'Event gëtt an **d'Fireplace** verluecht, wou dir iech eng Rei Virträg vun eise Partner unhéiere kënnt an duerno direkt vun der Méiglechkeet profitéiere kënnt mat hinnen an d'Gespréich ze kommen. Dëst ass déi perfekt Méiglechkeet sech ee Stage oder eng Aarbechtsplaz ze sécheren. Domat dir an eis Partner awer och Spaass bei der ganzer Saach hutt, ass no de Virträg fir een oder e puer Pätt Wäin, Schampes an och Béier gesuergt. Wéi all Joer gëtt och rëm een Iessen a Form vun engem Walking-Dinner organiséiert, fir dass dir eis net vun de Bee faalt. Musikalesch Begleedung ass natierlech och rëm um Start. Also loosst iech dat Ganzt net entgoen a kommt op d'Ponttorfeier! Opgepasst och dës Joer gëllt: Keng Entrée méi no oder wärend de Virträg!

Uschléissend fënnt **samschdes den 20. Juni** den traditionelle **Match géint Anciens** statt. Wéi lescht Joer wäert dat Ganzt als eng Olympiad mat verschiddenen Disziplinnen ofgehale ginn.

Dëst Summersemester erwaart iech dann och een neit Event: Eise Summer-Rallye **mëttwochs, de 24. Juni**! Maacht iech prett fir eng spannend Aventure duerch de Bësch mat verschiddene Statiounen a flotte Spiller, déi iech als Team erausfuerderen. Mir verroden nach net ze vill – mee esou vill ass sécher: Dir wëllt dat net verpassen also schreift et iech an de Kalenner!

En anert grousst Event, wat vun der ACEL organiséiert gëtt, a wou den AVL net dierf feelen, ass de **Studentebal,** deen dëst Joer den **3. Juli** stattfënnt. Wéi scho lescht Joer deele mir eis de Comptoir mat eise Kolleeg:inne vu Köln (LSC). Dëst Event ass och eent wat ze grouss ass fir eleng als Comité ze stemmen, dowéinst freeë mir eis fir all Hëllef, déi mer kréie kënnen a soe lo schonn deene Leit Merci, déi eis do ënnert d'Äerm gräifen. Mee ee Bal wier näischt ouni Leit, dowéinst verhaalt iech den Datum a kommt den AVL a villäicht e puer aner Cerclen ënnerstëtzen!

Nei dëst Summersemester organiséiere mir dann och **mëttwochs, den 8. Juli** een **Trip an d'Phantasialand**. Iech erwaarden Adrenalin puer, krass Achterbunnen an een Dag voller Spaass. Wann dat iech interesséiert, da schreift iech dat direkt déck an de Kalenner!

De **15. Juli, mëttwochs**, feiert den AVL de Schluss vum Summersemester mam traditionellen **Ofsch(l)ossfest bei den Tierm**, dobäi loosse mir alles roueg auskléngen, et gëtt gegrillt, gelaacht, Spikeball gespillt oder och déi eng oder aner Ronn Flunkyball oder Beerpong lancéiert.

Tëscht dem Summer- an dem Wantersemester läit dann och nach d'**REEL** (Réunion européenne des Étudiants Luxembourgeois). Déi dëst Joer vum **24. - 27. September bei eis zu Oochen** stattfënnt. Als Thema vun dëser REEL hu mir **„Gerontokratie an Zukunftsfäegkeet – Wéi wierkt sech eng alternd Gesellschaft op d'Matsproocherecht vun der Jugend an d'Reformfäegkeet vu Lëtzebuerg aus?**". Dëst Event ass ëmmer schnell voll, also wann dir gären dëst Joer dobäi wëllt sinn, dann haalt d'Aen no weideren Infoen op a mellt iech sou schnell wéi méiglech un. Méi genau Detailer kritt dir nach weidergeleet.

Sou, dir hutt et gepackt, dëst ass d'Summersemester fir 2026, mir wënschen iech een erfollegräicht Summersemester a freeën eis schonn drop, iech zuelräich op eise Soiréeën ze gesinn a flott Momenter zesummen ze erliewen!

Vive den AVL

Vive de Comité

Vive den AVL-Chouer

Vive eis Memberen

Vive Lëtzebuerg

Vive Oochen

A vive an de Kaktus

Fir de Comité,

Trixy Boever